N°5635
Reçue le 31.01.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, 31.01.2022

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 31/01/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Bannenzeg Sécherheet & Justiz weiderzeleeden.

Wéi een an engem Tageblatt-Artikel vum 29te Januar liese kann, gëtt et hei am Land Schéissstänn, wou Policebeamten, Zaldoten a privat Sécherheetsbeamte kënnen den Ëmgang mat Waffen trainéieren an taktesch Übungen maachen. D'Firma, déi d'Schéissstänn bedreift, bitt doriwwer eraus awer och Traininge fir Praktiken un, déi zu Lëtzebuerg net erlaabt sinn, a fir déi d'Clienten dann an d'Ausland ginn. De Präsident vun der Policegewerkschaft ass am Tageblatt-Artikel ganz kritesch, wat dës Schéissstänn an Übungen ugeet: "Taktik verkauft man nicht" an "Das ist also nicht nur ein nationales, sondern sogar ein internationales Sicherheitsproblem“ (Zitat Pascal Ricquier).

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi gesinn d'Ministeren esou d'taktesch Übungen, déi zu Lëtzebuerg ugebuede ginn? Wat ass d'Base légale fir dës Trainingen?

2. Wéi gëtt séchergestallt, dass déi Professionell, wann se dann op esou Stänn ginn, just Praktike léieren, déi laut Gesetz och erlaabt sinn?

3. Wëssen d'Ministere vu Beamten an Zaldoten, déi dës Schéissstänn notzen?

4. Wéi stinn d'Ministeren dozou, dass esou Firmen Servicer ubidden, déi zu Lëtzebuerg net erlaabt sinn, a fir déi si hir Clienten aus Lëtzebuerg dann op Plazen an d'Ausland dirigéieren?

5. Mam Gesetz vum 20te Januar 2022 goufe verschidden Ännerungen virgeholl, wat den Emgang mat Waffen ugeet. Ab wéi engem Alter dierfe Persounen op engem Schéissstand, wéi deem am Zeitungsartikel ernimmten, trainéieren?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député